



BOSCH



Wichtige Sécherheetshiweis

Fräiwëlleg Sécherheetsmoosname fir Wénkelschläifer – betrëfft:

- **Serië GWS 20, GWS 22, GWS 24, PWS 20, PWS 1900, PWS 2000 aus dem Produktiounszeitraum Juni bis August 2016**
- **Modell GWS 24-230 JVX Professional mat Brems aus dem Produktiounszeitraum Februar bis Oktober 2016.**

Bosch Power Tools leet héchste Wäert op Qualitéit a Sécherheet vu senge Produkter. D'Zefriddenheet vun de Benotzer steet fir eis un éischer Plaz. Dohier wëlle mir Iech iwwer eng fräiwëlleg sécherheetsbedéngt Moosnam informéieren.

Am Kader vun eise qualitétssécherende Moosnamen hu mir festgestallt, dass sech opgrond vun engem feelerhafte Baudeel bei enger begrenzter Unzuel vu Wénkelschläiferen d'Trenn- oder Schläifscheif samt Befestigungsvorrichtung (Spindel) am Betrib léise kéint. Et kann dohier net ausgeschloss ginn, dass et a seelene Fäll zu Schnéttverletzungen oder Prellunge komme kéint.


Fir eiser Verantwortung dem Client géigeniwwer gerecht ze ginn, hu mir entscheet, all potentiell betraff Apparater virsuerglech zeréckzeruffen an, esouwäit erfuerderlech, ze reparéieren oder auszetauschen. Austausch oder Reparatur si fir Iech selbstverständlech gratis.

Déi betraff Wénkelschläiferen dierfe vun elo un net méi benotzt a weidergi ginn. Sollt Dir e potentiell betraffenen Apparat an der Tëschenzäit weiderverkaaft oder weiderginn hunn, biede mir Iech, dëse Sécherheetshiweis sou séier wéi méiglech un den Empfänger weiderzeginn, fir sécherzestellen, dass déi betraff Apparater net méi genotzt ginn.

Betraff sinn a Russland gefäerdert Apparater vun de Serië GWS 20, GWS 22, GWS 24, PWS 20, PWS 1900, PWS 2000 aus dem Produktiounszeitraum Juni bis August 2016 esouwéi de Modell GWS 24-230 JVX Professional mat Brems aus dem Produktiounszeitraum Februar bis Oktober 2016. Se loosse sech unhand vum Hierstellerland a Verbindung mat der Apparats- a Seriennummer eendeiteg identifizéieren (kuckt folgend Säit):

Modell	Apparatsnummer	Seriennummer
GWS 20-230 H	3601H50102 / 3601H50L01 / 3601H50L03 / 3601H50L62 / 3601H50L72 / 3601H50L73	606... - 608...
GWS 20-230 JH	3601H50M01	606... - 608...
GWS 22 - 180 H	3601H81102 / 3601H81L02 / 3601H81L62 / 3601H81L72	606... - 608...
GWS 22-180 JH	3601H81M02	606... - 608...
GWS 22 - 230 H	3601H82103 / 3601H82L03 / 3601H82L63 / 3601H82L73	606... - 608...
GWS 22 - 230 JH	3601H82202 / 3601H82M03 / 3601H82M32 / 3601H82203	606... - 608...
GWS 24-180 H	3601H83101	606... - 608...
GWS 24-180 JH	3601H83M01	606... - 608...
GWS 24-230 H	3601H84101 / 3601H841P1 / 3601H84L01	606... - 608...
GWS 24-230 JH	3601H84201 / 3601H84M01 / 3601H84204	606... - 608...
GWS 24-230 JVX	3601H64505 / 3601H64U07 / 3601H64Z05	602... - 610...
PWS 20-230	3603C59W09	606... - 608...
PWS 1900	3603C59W08	606... - 608...
PWS 2000-230JE	3603CC6000 / 3603CC6030	606... - 608...

De Modell, d'Fäerdegungsland esouwéi d'Apparats- a Seriennummer sinn um Typeschëld vun den Apparater ewéi follegt ofliesbar:



Bosch Power Tools bedauert déi opgetruede Qualitéitsproblemer wierklech a biet alle betrafte Verbraucher em Ëntschëllegung.